

Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (21.03.2019)

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et de Développement Rural

Référence: 219/2018

22 MARS 2019

A traiter par:

Copie à:

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange



Lëtzebuerg, den 21/03/2019

Här President,

Sou wél den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung & Landwirtschaft weiderzeleeden.

Den 8ten Mäerz huet de Rëgierungsrout säin Accord ginn, fir d'Juegd op Wëllschwäin ze Erëffnungen. Esou däerfen d'Wëllschwäinn, am Géigesaz zu de virege Joren, dëst Joer schon ab Mäerz geschoss ginn. D'Begrënnung fir dës exzeptionell Ouverture fousst op de Konklusioun vum Rapport vun der Task Force fir d'Schwéngspscht, fir d'Verbreedung vun der Krankheet verhënnere.

An deem Zesummenhang wëllt ech de Ministeren dës Froe stellen:


1. Wél vill Wëllschwäin goufen zu Lëtzebuerg positiv op d'afrikanesch Schwéngspscht getest?
2. Wei ustiechend ass d'Schwéngspscht fir Mënschen? Falls d'Äntwert negativ ass, wél rechtfäerdeg d'Regierung d'massivt Ofschësse vu Wëllschwäin an der Ofwiesenheet vun direkte Risiken vun der Schwéngspscht op d'Gesondheet vum Mënsch?
3. Goufe bei de Gespréicher vun der Task Force fir d'Schwéngspscht och Meenunge vun Déiereschutzorganisatiounen, déi am Artikel 6 (3) vum Déiereschutzgesetz definéiert sinn, ageholl? Falls jo, wat waren d'Positionen vun den eenzelen Associatiounen a wél huet d'Regierung dës Positionen an de Reglement matgedroen? Falls nee, gesäit d'Regierung et net als relevant un Déiereschutzorganisatiounen an dëst Themefeld matanzebezéien?
4. Gesäit d'Regierung d'Jeeër als Partner bei der Bekämpfung vun der Schwéngspscht?
5. Wäert d'Regierung der Jeeërfederatioun FSHCL hire Fuerderung nokommen, d'Juegd op Wëllschwäin op dat ganz Joer auszebreeden?



www.piraten.lu

6. Wäert d'Regierung der Jeeërfederatioun FSHCL hire Fuerderung nokommen, de Gebrauch vun hallefautomatesche Waffe fir d'Juegd ze erlaben?
7. Wäert d'Regierung fir d'Juegd vu Wëllschwäin d'Klappjuegd als Juegdmethod recommandéieren?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to read 'GOERGEN Marc', with a stylized, sweeping flourish at the end.

GOERGEN Marc
Député

Réponse commune de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n°538 du 21 mars 2019 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen

Wéi vill Wëllschwäin goufen zu Lëtzebuerg positiv op d'afrikanesch Schwéngspescht getest?

Bis op de Datum vum 22/03/2019 goufen am Veterinärlaboratoire 131 Wëllschwäin ennersicht an all d'Analysen waren negativ.

Wei ustiechend ass d'Schwéngspescht fir Mënschen? Falls d'Äntwert negativ ass, wéi rechtfäerdeg d'Regierung d'massivt Ofschëisse vu Wëllschwai an der Ofwiesenheet vun direkte Risiken vun der Schwéngspescht op d'Gesondheet vum Mënsch?

Schwéngspescht ass net ustiechend fir de Mënsch. Matt de Preventiounsmesuren, gëtt probéiert ee weidert Ausbreede vun der Krankheet ze verhënneren, déi déidlech fir Haus- a Wëldschwain ass.

Goufe bei de Gespréicher vun der Task Force fir d'Schwéngspescht och Meenunge vun Déiereschutzorganisatiounen, déi am Artikel 6 (3) vum Déiereschutzgesetz definéiert sinn, a geholl? Falls jo, wat waren d'Positiounen vun den eenzelen Associatiounen a wéi huet d'Regierung dës Positiounen an de Règlement matgedroen? Falls nee, gesait d'Regierung et net als relevant un Déiereschutzorganisatiounen an dëst Themefeld matanzebezéien?

An der Task Force sinn d'Déiereschutzorganisatiounen net matt abezunn wëll hei just Verrieder vun Organisatiounen matt diskutéieren déi vun den Konsequenzen vun dëser Krankheet direkt betraff sinn. Mir sinn hei am Kader vun enger Seuchenbekämpfung wou d'Reduktioun vun der Wëldschwéngspopulatioun eng préventiv Measure duerstellt an d'Keulung vun de Hausschwäin an engem Betrib dee mam Virus infizéiert ass vun der europäescher Réglementatioun virgeschriwwen ass. Natirlech sollen dës Aktiounen am Respekt vum Déiereschutz duerchgefouert ginn.

Gesait d'Regierung d'Jeeër als Partner bei der Bekämpfung vun der Schwéngspescht?

Jo.

Wäert d'Regierung der Jeeërfederatioun FSHCL hire Fuerderung nokommen, d'Juegd op Wëllschwäin op dat ganz Joer auszebreden?

Et gouf ee Règlement d'urgence geholl, deen et erlaabt an der Iwwerwaachungszone während dem ganze Joer Wëllschwain ze schëssen.

Wäert d'Regierung der Jeeërfederatioun FSHCL hire Fuerderung nokommen, de Gebrauch vun hallefautomatesche Waffe fir d'Juegd ze erlaben?

Nee.

***Wäert d'Regierung fir d'Juegd vu Wëllschwäin d'Klappjuegd als Juegdmethod
recommandéieren?***

D'Klappjuegd ass eng vun de gesetzlech erlaabte Juegdmethoden fir Wëld ze bejoën, déi am Moment am Kader vun enger breeder Diskussioun evaluéiert gëtt.